N°746
Entrée le 24.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul an dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n°746 vum 14. Mee 2024 vun den honorabelen Deputéierte Max Hengel, Octavie Modert a Stéphanie Weydert**

Zum Zäitpunkt vum Rekrutement respektiv der Reprise vum Léierpersonal hu scho mindestens 27 Prozent vun de brevetéierten Enseignanten, déi an den ëffentleche Lëtzebuerger Grondschoulen intervenéieren, d'Zouloossungskrittären erfëllt. De reelle Pourcentage vun de Kandidaten, déi d'Zouloossungskrittären erfëllen, ass allerdéngs bedeitend méi héich, vu datt bei der Entrée an d'Karriär eenzeg den Diplom erfaasst gëtt, deen den Accès an d'Funktioun vum Enseignant erméiglecht. D'Erfarungswäerter am Kontext vun de Rekrutementer vun ënnert anerem den *Instituteurs spécialisés* wéi och d'Demandë fir d'Realisatioun vu Masteraarbechten am schoulesche Kontext, déi beim Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ugefrot ginn, beleeën, datt eng Hellewull Enseignanten direkt am Uschloss un hire Studium oder beruffsbegleedend zousätzlech Diplomer absolvéieren an domat och d'Méiglechkeet hunn, fir sech an ee vun de neie Masterstudiegäng anzeschreiwen.

Dat modifizéiert Gesetz vum 27. Juni 2018 iwwert d'Organisatioun vun der Universitéit Lëtzebuerg gesäit a sengem Artikel 36, Paragraph 6, ee Minimum vun 300 ECTS fir d'Ausstelle vun engem Masterdiplom vir, d'ECTS, déi am Kader vum Bachelor validéiert goufen, mat abegraff.

De Comité d'accompagnement, deen aus Vertrieder vun der Universitéit Lëtzebuerg, dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an dem Ministère fir Fuerschung an Héichschoul besteet, ass sech bewosst, datt d'Detenteure vun engem « Certificat d'études pédagogiques » (CEP), also dem Diplom, dee vum fréieren ISERP ausgestallt gouf, oder vun all anerem Diplom vun 180 ECTS, deen op de Beruff vum Enseignant an der Grondschoul virbereet, bedéngt duerch déi gesetzlech Contrainte vum Validéiere vun 300 ECTS fir d'Ausstellen vun engem Master, ouni zousätzlechen Diplom net admissibel si fir déi 3 nei Masteren vun der Universitéit Lëtzebuerg. Aktuell gëtt vun de concernéierten Instanzen aktiv no Léisunge gesicht, déi eng Ouverture kéinte schafen, fir den Accès an déi betreffend Masterstudiegäng vun der Universitéit Lëtzebuerg ze erméiglechen.

D'Absolvente vun engem vun de Masterstudiegäng hunn d'Méiglechkeet, fir ee Posten als *Instituteur spécialisé* ze briguéieren an dëst a Funktioun vun der Spezialisatioun. Des Weideren hu si och d'Méiglechkeet bei enger *Vacance de poste* eng Kandidatur als Direkter oder stellvertriedenden Direkter ze stellen.

Wéi am Koalitiounsaccord preziséiert, ass d'Schafe vun neie Funktiounen um Masterniveau parallel zu der Redefinitioun vun den Attributiounen an de Responsabilitéite vun de Schoulpresidenten an de Coordinateure geplangt.

Lëtzebuerg, de 24. Juni 2024

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul

(s.) Stéphanie Obertin